Lycée
Hubert
Clément

LevelUp

Classes de 7e

2025/2026

LEVEL UP 2025/2026

CLASSES DE 7e

1. Buchclub	F. PALUMBO
2. Dactylographie	A. BAECHLER
3. Farbwerkstatt	T. FATTORI
4. Geographie+	C. NOËL
5. Informatik	E. MARTIN
6. Prise de parole	C. PLETSCHETTE
7. Sciences	C. KOERPERICH

BUCHKLUB

TITULAIRE : FRANCESCO PALUMBO

Hues du Loscht, spannend Bicher ze entdecken an doriwwer mat anere Schüler ze schwätzen? Da bass du am Buchclub genau richteg!

An dësem Cours liese mir zesummen flott an interessant Geschichten, déi net nëmmen Spaass maachen, mee och wichteg Themen aus dem Liewen weisen. Zesumme fanne mir eraus, wat hannert der Geschicht stécht – z. B. wéi sech d'Personnagen fillen oder wat ee selwer aus dem Buch léiere kann.

Du léiers och praktesch Tricks, fir d'Bicher besser ze verstoen – wéi z. B. eng Mindmap maachen oder eng Lëscht mat de Personnagen opzestellen. Dat hëlleft dir net nëmme beim Liesclub, mee och am normale Cours.

Wanns du gären lies a mat aneren doriwwer diskutéiren wëlls, da komm bei eis an de Buchclub!

DACTYLOGRAPHIE

TITULAIRE : ANIK BAECHLER

Fir d'éischt léiere mer matt 10 Fangeren um Computer tippen, ouni op d'Fangeren ze kucken.

An engem zweete Schrëtt kucke mer eis un, wéi een Texter um Computer schreiwt. (Bréif, Deckblat fir e Referat, asw.)

FARBWERKSTATT

TITULAIRE : TIBA FATTORI

Du zeichnest, malst oder experimentierst gerne mit Farbe? Dann bist du in der Farbwerkstatt genau richtig. Gemeinsam erforschen wir, woraus Malfarben bestehen und wie man mit herkömmlichen Materialien selbst Farbmittel herstellen kann.

Außerdem erproben wir Gestaltungstechniken mit unterschiedlichen Farben, wie bspw. Acrylic Pouring oder Suminagashi-Papiermarmorierung, bei denen Kreativität und Experimentierfreude im Vordergrund stehen.

GEOGRAPHIE+

TITULAIRE : CLAUDE NOËL

Dës Optioun erméiglecht dem Schüler d'Geographie anescht kennenzeléiere wéi am normale Cours. Et wäerten zwee Beräicher um Programm stoen:

- Digital Karten (um Computer) notzen a beaarbechten
- Klimawandel a seng Konsequenzen duerch praktesch Aarbechten (Experimenter) verstoen

Detailer zum Programm:

1. D'Plattform Geoportail kenneléieren

- Digital Kaarte liesen (z.B. 3D-Landschaften erfuerschen) a selwer kreéieren,
- Satellittebiller auswäerten a vergläichen
- Spannend Aufgabe selwer léisen

Source: www.geoportail.lu

2. Experimenter zum Klimawandel maachen

- Klimatesch Veränneringen a Konsequenzen experimentell simuléieren
- Klima a mënschlech Aflëss besser verstoen

INFORMATIK

TITULAIRE : ELISABETH MARTIN

Aféierung an d'Informatik – Digital Kompetenze fir den Alldag

An dëser Optioun léiers du d'Basisfäegkeete vum informatesche Schaffen, déi all Schüler*in beherrsche sollt.

Mir kucken zesummen, wéi een eng korrekt E-Mail schreift, seng Dossieren a Fichieren organiséiert a mat Programmer wéi Word an Excel schafft.

Du kriss och nëtzlech Tipps, wéi's de méi effizient a sécher um Computer schaffe kanns – Fäegkeeten, déi dir an der Schoul an am Alldag hëllefen.

Wann's du däi Computer fir méi wéi just YouTube a Spiller benotze wëlls, da bass du an dëser Optioun genau richteg.

PRISE DE PAROLE

TITULAIRE : CAROLE PLETSCHETTE

PANIK ! Ech muss schwätzen…

Du kenns villäicht dat mulmegt Gefill oder d'Angscht, wann's du virun der Klass an dem Proff oder soss engem Publikum schwätze muss ?Dann ass dëst de richtege Cours fir dech!

Hei kriss du d'Méiglechkeet e puer Techniken ze léieren, déi där hëllefe kënnen eng mëndlech Presentatioun virzebereeden an ze presentéieren (Struktur, Stëmm, Kierperhaltung) an och wéi's du deng Nervositéit kanns besser an de Grëff kréien.

De Cours setzt sech aus theoretesche Partien a virun allem prakteschen Uwendungen zesummen.

BIOLOGIE AN DER KICHEN

TITULAIRE : KOERPERICH CAROLE

Stell der viir, du gees an d'Kichen an verwandels dech do an en echte Wësseschaftler! An dëser Optioun léiers du, wéi d'Biologie an d'Kachen zesummepassen.

Mir ënnerhuelen zesummen eng spannend Rees an d'Welt vun eise Liewensmëttel, kucken z.Bsp wéi eng gesond Saachen dass mer do dran fannen an nach Villes méi...

Mir tauchen och an d'Welt vun de Mikroorganismen an, an versichen ze verstoen op déi kléng Liewewiesen an der Kichen dann lo eis Frënn sin, oder éischter nët.

Wanns du also wësse wëlls, firwat ët ouni Champignon'en keen Brout géif gin, firwat an engem eenzegen kléngen Yogurtsdëppchen vill méi Bewunner ze fannen sin wéi ët Mënschen hei zu Lëtzebuerg gëtt oder firwat d'Cornichon'en am Esseg leien, dann schreiw dech an.

Vill flott an spannend Experimenter waarden op dech.